| Lëscht vu Workshopen | Auerzäit, wou dee Workshop ugebuede gëtt | | | | | | max.Zuel vu Part. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 10.00 - 10.45 | 11.00 - 11.45 | 12.00 - 12.45 | 13.00 - 13.45 | 14.00 - 14.45 | 15.00 - 15.45 | |
| **Brancheversammlung (Biber-Ekipp))**<br>Just 10.15-10.45 (fir eng Iwwerschneidung ze vermeiden) | ✓ | | | | | | |
| **Alles ronderëm d'Stockbrot (Biber-Ekipp)**<br>Mir maachen verschidde Varianten Stockbrot | | | ✓ | | | | 10 |
| **Zënn géissen (Biber-Ekipp)**<br>mam pädagogëschen Koffer | | | | | ✓ | | 10 |
| **Brancheversammlung (Wëllefchers-Ekipp)** | | ✓ | | | | | |
| **We are the champignons! (Wëllefchers-Ekipp)**<br>Mir bauen Deko fir de Mystaria'25: Chef kennen ee Champignon aus Holz raussen an faarweg molen sou dass mir dono vill Champignonen fir eis Deko um Camp hunn | | | | ✓ | ✓ | ✓ | |
| **Brancheversammlung (Avex-Ekipp)** | | | | | | ✓ | |
| **Komm mir kachen um Feier an der Avexversammlung (Avex-Ekipp)**<br>kleng Rezepter fir um Feier ze kachen ouni vill Material an Opwand | | ✓ | ✓ | | | | 15 |
| **Chef Challenge Petanque (Avex-Ekipp)**<br>ee flott amüsant Spill fir erauszefannen wat et Neies bei den Avex gett | ✓ | | | | | | 15 |
| **Brancheversammlung (CaraPio -Ekipp)** | | | | | ✓ | | |
| **Weis eis däi Camp (CaraPio-Ekipp)**<br>Dir hutt dëse Summer spannend Erfarungen op ärem CaraPio Camp gesammelt – dir wart an d'Bierger, hutt eng Rees mam Seegelboot duerch d'Ostsee gemaach, e Camp Volant duerch d'Sächsesch Schwäiz, een Interrail duerch Rumänien oder einfach eng super flott Woch mam ganze Grupp am Eisléck ?<br>Fir all déi déi villäicht einfach Input fir hire nächste Camp sichen. Kommt bis bei eis luussen. | | ✓ | | | | ✓ | |
| **Brancheversammlung (RaRo -Ekipp)**<br>Infoen iwwert d'Scoutsjoer (net iwwert d'Odysseen) | | | | ✓ | | | |
| **Ideen-Tauschbörse mat Souvenir (RaRo -Ekipp)**<br>Hei kënne sech Clancheffen ënnereneen austauschen, nei Frendschaften knäppen an iwwer méiglech Aktiviteiten schwätzen. D'Zil ass fir Clan'en zesummen ze bréngen an nei Iddien ze kreien. Als Oofschloss gett et nach en klengen Souvenir (Paracorde Knuet) | | ✓ | | | ✓ | | 20 |
| **Versammlung (GruppenEkipp)**<br>Eng Versammlung an e kollegialen Austausch vun den Gruppecheftainen a Gruppechefen.<br>Just 10.00-10.15 (fir eng Iwwerschneidung ze vermeiden) | ✓ | | | | | | |
| **Participatioun am Verband (Programm-Ekipp)**<br>Zesumme kucke mir eis Beispiller aus aneren europäesche Verbänn un, entdecke wéi si Participatioun liewen, a brainstormen driwwer, déi mir d'Participatioun vu jonke Chef an eisem Verband stäerke kënnen. | ✓ | | | | ✓ | | 10-15 |
| **Brainstorming - an elo? (Programm-Ekipp)**<br>Musse mir lo wierklech mat de Kanner Laser Game spille goen? Oder hätte mir léiwer guer net hir Meenung gefrot? Sënn, Kader, Methoden, … zum Thema Partizipatioun fir Versammlungen a gréisser Sortien. | | ✓ | | | | | 12 |
| **Chefcamp (Programm-Ekipp)**<br>E Camp organiséiert vu Chef fir Chef. Eng Woch ënnert Chef am selwechten Alter, e flotte Programm, Spaass, nei Frëndschaften. Wéi stelle mir eis dat fir, a wat duerfe mir dobäi net vergiessen. | | | | ✓ | | | 15 |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Camp am Ausland (International-Ekipp)**<br>Wat ass wichteg wann ee mam Grupp an d'Ausland wëll? Wourop muss een oppassen? Wéieng Méiglechkeeten huet een? | | | ✓ | | ✓ | | 15 |
| **Eng Strategie fir d'Scouten? (International-Ekipp)**<br>Mir kucken eis déi nei Strategie vum Weltscoutsverband un an diskutéiren, wat dës fir eis Gruppe bedeite kann. | ✓ | ✓ | | | | | 15 |
| **ASBL - Grupp (Finanzen, PR)**<br>Hei kënnen d'Gruppechef/Gruppememberen bei eis laanschtkommen, wann si Froen hunn iwwert eng Gruppen-ASBL | | | ✓ | | | ✓ | 10 |
| **ASBL - Verband (Finanzen, PR)**<br>Hei kënnen d'Membere laanschtkommen, wann si Froen hunn iwwer d'Iwwerféierun vum Verband an eng ASBL | | ✓ | | | ✓ | | 10 |
| **Pimp Up my Stockbrot (Ekipp Native Village)**<br>Jidereen kennt dat klassescht Stockbrout iwwert dem Feier. Mir weisen iech nei Rezepter wéi Twister Stockbrout; italienescht Stockbrout;Pizza Stockbrout; Grieschecht Stockbrout; Rosengen-Mandel Stockbrout; Schoko-Karamell Stockbrout.. Du léiers déi verschidde Rezepter kennen, selwer backen an natierlech schmaachen. | ✓ | ✓ | | ✓ | ✓ | | 8 |
| **Messer schärfen (Ekipp Native Village)**<br>**Brëngt ärt Messer mat op de Chefdag**, a mir weisen iech mat wéi engen einfachen Materialien dir är Messer schärfe kënnt | ✓ | ✓ | ✓ | ✓ | ✓ | ✓ | 5 |
| **Safe from Harm vu WOSM (Safe from harm - Ekipp)**<br>Lëscht Joer huet WOSM eng Auto-Evaluatioun vun de Safe from Harm-Ekippe vun all senge Member-Verbänn ugefrot. Dobäi ass definéiert ginn, wat di nächst Schrëtt sinn, di vun eis a punkto Safe from Harm, an Ugrëff geholl solle ginn. Di zwee Haaptpunkte sinn: e Code of Conduct ze schreiwen, dee fir all Grupp, Member, Mataarbechter:in etc. gëllt an e Background-Check an ze féieren, de bei all Chef:taine (an evt. Mataarbechter:in) duerchgefouert soll ginn. Béid Punkten wëlle mir um Chefdag mat de Chef:tainen duerchgoen an diskutéieren fir esou zesummen mat der Base eppes auszeschaffen, wat vun jidderengem gedroen gëtt. | ✓ | | ✓ | | ✓ | | 15 |
| **Umgang mit legalen/illegalen Drogen (CNAPA)**<br>Viele Jugendliche und junge Erwachsene machen Erfahrungen mit Alkohol und anderen Drogen (bspw. Energy Drinks, Tabak, Cannabis, etc.). Bei einigen bleibt es beim Experimentieren, andere entwickeln einen riskanten Konsum und setzen ihre Gesundheit und Lebensentwicklung aufs Spiel. Wie gehen Sie mit Jugendlichen in ihrer Gruppe um, die legale und/oder illegale Drogen konsumieren: Schauen Sie weg? Bestrafen Sie diese? „Referieren“ Sie über die Schädlichkeit von Drogen? Würden Sie den Jugendlichen gerne helfen, wissen aber nicht wie? Der Workshop bietet die Möglichkeit all eure Fragen loszuwerden. | ✓ | ✓ | ✓ | | | | 15 |
| **Mini-Grupperot (Liz Feinen)**<br>Maacht dir e Mini-Grupperot bei iech am Grupp? Wei funktionéiert et bei iech? Wat ass super gelaf? Wou hat dir Schwieregkeeten? Wat wëllt dir nach ausprobéieren? Dir hutt de Mini-Grupperot bei iech agefouert an sidd interesséiert vun den Erfarungen aus anere Gruppen ze héieren? Dann ass dëst de Moment fir zesummen ze kommen, sech auszetauschen an néi Iddien ze sammelen. (Och fir intresséiert Gruppen, déi de Mini-GR nach net agefouert hunn.) | | | | | | ✓ | 15-<br>20 |
| **ZpB («Zentrum fir politesch Bildung »)**<br>Wien ass eigentlech den ZpB a wat maachen déi? Wat ass eigentlech Matbestëmmung? Wei kann eng dënne jonke | | ✓ | | ✓ | | | 15 |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Guiden a Scouten hier Iddien a Meenungen an eis Versammlungen, Sortien, etc abauen? Zesumme kucke mir eis praktesch Methoden un, déi iech hëllefen di Jonken (vu Biber bis RaRo) em hier Iddien ze froen an esou zesummen e Projet vun Ufank bis Schluss duerch ze féieren. | | | | | | | |
| **Lët'z Talk About (Fabienne Michaux)**<br>Préparer la boue pour la cuisine du camp, marcher pieds nus dans l’herbe, faire des jeux de confiance, apprendre à travailler en équipe, respecter le plan des charges…l’éducation affective et sexuelle fait partie de notre vie Scout, sans que nous en soyons forcément conscient.e.s. Quelques fois nous en sommes conscient.e.s, mais nous ne savons pas forcément y faire face: un.e jeune qui se confie à nous, les premières règles qui arrivent lors du camp, des discussions autour du feu, la gestion des flux migratoires nocturnes entre les tentes, des questions qui restent en suspens…Lors de l’atelier “Lët’z talk about”, vous découvrirez quelques pistes pour intégrer consciemment l’éducation affective et sexuelle dans la vie scout. | ✓ | ✓ | | ✓ | ✓ | | 10 |
| **Unseren Blick verändern (Consortium Zesummen fir Agenda 2030)**<br>Vorstellung unseres Angebotes und Praxisbeispiele in Form von «Workshöpchen» (OWODOF, Cooper’Action, Weltverteilungsspiel). Die Teilnehmer/innen tauchen in ihr Weltbild ein und lernen die Mechanismen kennen, die uns oft noch pessimistischer machen. Sie lernen, wie sie mit der "Factfullness-Methode" aussteigen können.<br>Oft sehen wir die Welt schlechter als sie ist (und ja, es gibt große Probleme zu lösen!). Wir betrachten unsere Pascha Mama aus einer sehr negativen Perspektive und erkennen die "Realität" oft nicht. Mit Fragen rund um die Agenda 2030 von gapminder.org machen wir ein Quiz, in der Gruppe, spielerisch ... und lernen die Gründe für unsere falschen Vorstellungen kennen und auch Methoden, um aus das zu ändern.<br>Wenn mehr Menschen die globalen Trends und Veränderungen verstehen und mehr Menschen erkennen, welche positiven Veränderungen gemacht wurden, werden sie besser sehen, was als Nächstes getan werden kann und muss und sie können versuchen die Probleme auf konstruktivere Weise zu lösen. . | | ✓ | | ✓ | | ✓ | 15 |
| **Mënscherechter erliewen: Mënscherechter entdecken (Service National de la Jeunesse)**<br>Wat si Mënscherechter a wisou sinn dës wichteg?<br>Wärend dëser Aktivitéit léieren d'Participanten Mënscherechter op eng aktiv Art a Weis kennen. Et gi verschidden thematesch Übunge gemaach, déi am direkte Lien mat de Mënscherechter stinn. No all Übung hunn d'Participanten d'Méiglechkeet, sech iwwer hir Erfahrungen auszetauschen an doriwwer ze diskutéieren | | ✓ | | | ✓ | | 10-15 |
| **Sport erliewen: Fann deng Balance: Balancéieren op der Slackline (Service National de la Jeunesse)**<br>Mir weisen Iech, wéi dir mat Konzentratioun, Kierperkontroll a Gläichgewiichtssënn flott Spiller op der Slackline kënnt uleeden.<br>Egal ob dobannen oder dobaussen, ob grouss oder kleng: mat Hëllef vu Slackrad a Gibboard fënnt jiidereen iwwerall seng Balance | ✓ | | | ✓ | | ✓ | 10-15 |

# Lëscht vu permanente Stänn

**Informatiounsstand (Sekretariat)**

**Ablécker, Ëmfro an Informatiounen (Formatioun)**
Du hues d'Méiglechkeet dir en Abléck an d'Resultater vun der Ëmfro iwwert d'Formatioun ze verschaafen an zu konkreten Themen eis deng Iddien matzedeelen.

**Odyssee Info-Point (RaRo -Ekipp)**
Schon bekannten Infoen iwwert d'Odyssee publizéieren. Mir presentéieren d'Konzept an och d'Projet'en vun der ONG. Q&A Session.

**Teambuilding (GruppenEkipp)**
Mer sichen nees dei beschten Guiden- a Scoutsgrupp aus dem Land. Mat typesche Guiden- a Scoutsspiller gëtt ermëttelt ween d'Coupte vum beschte Grupp dest Joer däerf mat heem huelen. D'Iwwerreeschung fënnt mat engem Patt gesponsert vun der Gruppenekipp statt.

**Infostand (Albatrossen)**
Informatiounen iwwer eis Aktivitéiten, a wat gesicht gëtt.

**Bak däi Paangech (Albatrossen)**

**Internationales (International Ekipp)**
International Campen & Opportunitéiten 2025, Umeldung fir de World Scout MOOT 2025, Recrutement I-Ekipp, CMTs,...

**Ëmfro an Info (Formatioun)**
mir ginn Ablécker an Emfro an en klengen partizipativen Deel

**Infoen iwwert de Gilwell (Gilwell-Ekipp)**
Hei kritt een Infoen iwwert de nächste Gilwell 2025 zu Gent

**Erënnerungseck (EAS)**
Mer erënneren eis un am Joer 23/24 verstuerwe Guiden a Scouten, wat mer flottes mat hinnen erliewt hunn, wat si bei den LGS lokal an national geleescht hunn, wat mer dovu weiderféieren, wat mer vun hinnen geléiert hunn, ...

**Labyrinth (EAS)**
Labyrinth. De Wee zu (m)enger Mëtt. Spilleresch oder meditativ

**Infostand (EAS)**
Programm 24/25

**Niddrëgseelgaart (Klamm-Ekipp)**
Mir stellen de pädagogesche Koffer Niddrëgseelgaart vir

**Infostand (ONG Lëtzebuerger Guiden a Scouten fir ENG Welt)**
Infoen iwwert Aarbechten a Projeten vun der ONG-D; Infoen wat lokal Gruppe mat der ONG-D maache kënnen

**Stand (asbl-Shop)**
Stand vum Shop, wéi d'lescht Joer mat Gewënnspill

**Infoen iwwert Ekipp Native Village (Native Village)**
Infoen iwwert Ekipp Native Village; Infoen Formatiounscamp Pengschten 2025; Infoen Renovatiounsaarbechten Native Village

**Green Event (Nohaltegkeet)**
Green Events an Checklëscht: hues du schonn eemol e Green Event organiséiert, komm deng Erfahrung mat eis deelen. Wëlls du méi iwwert d'Green Events wëssen an och den Ennerscheed zur Checklëscht verstoen, komm bei eis laanscht a stell deng Froen.

**Infostand (Scouts 4 refugees)**
**Gëtt et hei keng Beschreiwung?**

| |
|---|
| **Infostand (Foulards Blancs)**<br>Virstellung vum Clan (Powerpoint) mat de Konditiounen fir mat ze hëllefen (bei eelere Leit a bei Leit, déi spezifesch Bedürfnisser hunn) |
| |
| **Info zum AG (AG Archiven a Recherche)**<br>Mir maache Plakater mat Informatiounen, déi mir an den Archiven fonnt hunn; mir weisen op Plakater Biografien vu Memberen, déi mir interviewt hunn; mir weisen Kuriositéiten / Memorabilia aus der Geschicht vun den LGS. Mir sinn oppen fir all Froen zum Archivéieren. |
| **Actionbound (AG Archiven a Recherche)**<br>Een Actionbound, deen Chef selwer maache kënnen, mat Froen zu verschiddenen Theemenberäicher aus der Geschicht vun den LGS, déi och op eisem Stand op Plakater beschriwwe ginn. |
| **Film iwwer eis Aarbecht (AG Archiven a Recherche)**<br>Mir maachen ee Film, an deem mir weisen, wéi mir vun engem Dokument aus den Archiven bis bei d'Saisie an der Software Augias kommen a weisen wat alles agedroe gëtt. |
| |
| **Mérite Jeunesse**<br>Duerch däin Engagement als Chef hues du scho mol een Deel (Bénévolat) vun dëser internationaler Auszeechung erfëllt. Fann raus, wéivill nach fir d'Volets Talent, Sport a fir d'Expeditioun feelt. |